# DE LOUSCHLËSSEL

Gemeng **Feelen**

NUMMER 22 | FEBRUAR 2019



# INHALTSVERZEICHNIS


**2.** Conseil Communal
Rapport de la séance du 18 décembre 2018

**4.** 2.500 € un d'Fondation „Wonschstär"

**5.** Wandrad Feelen

**6.** Nationalfeierdag 2018

**8.** Lëtzebuerger Schreifcours

**9.** Feulener Senioren kamen zu Ehren
„Journée du Grand Âge" fand erneut viel Zuspruch

**10.** Abschiede und Ehrungen bei Jahresabschlussfeier
Danke für das langjährige Engagement

**12.** Marcel Thill
E ganz GROUSSEN huet eis verlooss

**15.** René Anthon
E besonnesche Frënd huet eis verlooss

**16.** Ëmweltkommissioun
Klima-Bündnis Lëtzebuerg

**17.** Gemeinschaftsgaart?
Gemeinschaftlech gäertneren?

**18.** Tour du Duerf 2018
Mobilitéits- an Ëmweltkommissioun

**19.** Save the Date - Tour du Duerf 2019

**20.** Vom Fichtenwald zum Feuchtgebiet
Gemeinde Feulen und Sicona
revitalisieren die Mëchelbaach

**21.** Lëtzebuerger Klimadag 2018

**22.** Krautwëschdag 2018

**23.** Lëtzebuerg an den éischte Weltkrich
Ausstellung zu Klierf

**24.** Hiram Dudley Ives (1905-1983)
Leutnant-Colonel spéider Major General
2. Éierebierger vu Feelen

**30.** Concours Art on Tires

**32.** Grundschüler „Am Kuebebongert Feelen" spenden
„Haf Ditgesbaach" & „Wonschkutsch"
erhielten 6.200 €

**33.** „Zesummen fir Inklusioun"
Grundschule „Am Kuebebongert"
erhielt Preis für exemplarisches Vorgehen

**34.** Concert „Blue Lake, international Youth Orchestra"

**35.** Kiermesconcert Uewerfeelen - Feelener Musek

**36.** Concert op der Plëss - Feelener Musek

**37.** Griicheschen Owend - Feelener Musek

**38.** Concert „Le saxo à la rencontre de l'orgue"

**40.** Run Feelen, run!

**41.** „Nidderfeelener Jongen" spenden
Scheck über 1.500 € an „APEMH" überreicht

**42.** Sicherheit - Selbstbehauptungskurs für Senioren

**44.** Marche Gourmande Wilwerwiltz
Spuerveräin Am Duerf

**45.** US Feulen - Jugendaarbecht vum Fussball

**46.** US Feelen - Rasicross

**48.** Ballonen zu Feelen

**49.** 23 & 24 mars 2019
Relais pour la vie

**50.** Vandalismus und illegale Abfallentsorgung
Vandalisme et dépôt illégal d'ordures

**52.** Mariages / Naissances / Décès

**53.** Opruff
Appel aux citoyens

**54.** Bummelbus

**55.** Éischt Hëllef

# CONSEIL COMMUNAL

## Rapport de la séance du 18 décembre 2018

**PRÉSENTS:**

Mergen Fernand
*bourgmestre*

Hansen Alain
Wilmes Daniel
*échevins*

Arend Guy
Bindels-Braun Tanja
Correia Miriam
Hentges Georges
Mergen Christianne
Pirsch Thomas
*conseillers*

Welter Claudine
*secrétaire communale*

**EXCUSÉ:**

néant

## Rapport suivant l'ordre du jour de la séance

### 1. Approbation du budget rectifié 2018

Le budget rectifié de l'année 2018 qui a été présenté et discuté également lors d'une séance de travail non-publique est approuvé à l'unanimité des voix par le conseil communal.

**Tableau récapitulatif du budget rectifié 2018**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Recettes | 7.753.143,97 € | 2.493.370,79 € |
| Dépenses | 5.568.693,30 € | 7.783.925,03 € |
| Boni propre à l'exercice | 2.184.450,67 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 5.290.554,24 € |
| Boni du compte 2017 | 3.617.026,20 € | |
| Boni général | 5.801.476,87 € | |
| Mali général | | 5.290.554,24 € |
| Boni présumé fin 2018 | 510.922,63 € | |

### 2. Approbation du budget 2019

Le budget de l'année 2019 qui a été présenté et discuté également lors d'une séance de travail non-publique est approuvé à l'unanimité des voix par le conseil communal.

**Le budget extraordinaire pour l'année 2019 prévoit entre autres les dépenses majeures suivantes:**

Apport en capital SIDEN: 593.810,00 €
Rénovation et mise en conformité de l'ancienne école primaire à Niederfeulen: 300.000,00 €
Construction dépendance – atelier communal: 225.000,00 €
Crèche – transformation de salles au rez-de-chaussée: 100.000,00 €
Dotation au fonds de réserve pacte logement: 235.000,00 €
Aménagement d'un site sportif: 1.200.000,00 €

**Tableau récapitulatif du budget 2019**

| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Recettes | 8.051.218,36 € | 3.130.350,00 € |
| Dépenses | 6.113.467,70 € | 3.982.575,59 € |
| Boni propre à l'exercice | 1.937.750,66 € | |
| Mali propre à l'exercice | | 852.225,59 € |
| Boni présumé fin 2018 | 510.922,63 € | |
| Boni général | 2.448.673,29 € | |
| Mali général | | 852.225,59 € |
| Boni présumé fin 2019 | 1.596.447,70 € | |

La situation d'endettement par habitant au 31.12.2018 s'élève à 1.149,27 €.

# Rapport de la séance du 18 décembre 2018

## 3. Cours de musique – Approbation de l'avenant à la convention signée entre la commune et l'UGDA ainsi que de l'organisation scolaire rectifiée 2018/2019

Approbation de l'organisation scolaire rectifiée relative à l'organisation de cours collectifs et de cours individuels de l'enseignement musical à dispenser par l'UGDA dans la commune de Feulen, ainsi que l'avenant à la convention entre l'Administration communale de Feulen et l'Union Grand-Duc Adolphe fixant la participation financière de la commune à 28.669,27 € pour l'année scolaire 2018/2019.

Nombre d'élèves inscrits
Cours collectifs: 16
Cours individuels (petits cuivres): 7

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 4. Désignation d'un délégué au Guichet Unique PME

Le conseil communal a désigné Monsieur Georges Hentges, conseiller comme délégué au Guichet Unique PME.

## 5. Avenant à la convention collective des salariés de l'Etat du 19 décembre 2016

Le conseil communal a décidé d'appliquer à partir du 1er janvier 2019 les dispositions de l'avenant au contrat collectif des salariés de l'Etat signé en date du 3 décembre 2018.

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 6. Modification du règlement de circulation

Le conseil communal a décidé de modifier le règlement de circulation communal comme suit: Arrêt et stationnement interdits sur toute la longueur du côté dans la rue „Kierchwee".

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 7. Demandes de subsides

Attribution d'un subside annuel de 60,00 € à Natur & Emwelt asbl

**Décision:** approbation à l'unanimité

## 8. Approbation de titres de recette

Le conseil communal approuve à l'unanimité des titres de recettes pour l'exercice 2018.

# 2.500 € UN D'FONDATION „WONSCHSTÄR"

**15.05.2018**



Ganz houfreg waren och dëst Joer nees di eenzel Membere vun de Kommissioune vun der Gemeng Feelen fir hir Präsenzgelder ze spenden. Dës Kéier war d'Fondation „Wonschstär" ausgewielt ginn. De Buergermeeschter Fernand Mergen huet all Membere vun de Kommissioune begréisst an e grousse Merci fir hir benevol Aarbecht ausgeschwat.

Di Dammen Nicole Greivelding a Colette Grosbusch vun der Fondatioun „Wonschstär" hu mat grousser Begeeschterung an Engagement iwwer hir Ziler, Erfarungen, Wënsch an Aktivitéite bericht an esou de Membere vun de Kommissiounen ee flotten Abléck an hir Aarbecht ginn.

D'Fondatioun „Wonschstär" huet sech zum Zil gesat, Mënschen ze hëllefen, deenen hiert alldeeglecht Liewen duerch Krankheeten, Accidenter oder Schicksalsschléi extrem belaascht ass. Duerch een Accident oder Krankheet kann sech d'Liewen bannen enger Sekonn komplett änneren. D'Fondatioun „Wonschstär" gouf 2014 gegrënnt an et goufe well iwwer 150 Wënsch erfëllt.

Si erfëlle Wënsch fir Kanner an Erwuessener. Dat kann eng finanziell Ënnerstëtzung sinn fir Material wat z.B. net vun der Assurance Dépendance oder CNS iwwerholl gëtt, een Evenement (Sport, Musek, Kultur) kukke goen, ee „Star" treffen, eng Vakanz oder soss e Wonsch sinn.

Niewt Aktivitéite wéi e Stand op verschiddene Chrëschtmäert, Fussballtournoi, Stärerallye, bidden Donen wéi dee vu Feelen vun de Kommissiounen, d'Méiglechkeet fir esou Wënsch z'erfëllen.

Nadine Schreiner-Bachstein

**Hëllefe ka jidfereen**

BLUXLULL LU82 0080 3062 1330 2001

www.wonschstaer.lu

# WANDRAD FEELEN



*Fernand Mergen, Frank Muller & Paul Kauten*



















De 17. Juni 2018 haten d'Bierger vu Feelen d'Méiglechkeet am Kader vun enger Porte Ouverte sech d'Baustell fir d'Wandrad Feelen vu ganz no unzekukken. Et war méi wéi beandrockend fir d'Gréisst vun deenen eenzelne Stécker ze gesinn.

Foto: Nadine Schreiner-Bachstein

# NATIONALFEIERDAG 2018































# LËTZEBUERGER SCHREIFCOURS

**OKTOBER 2018**





Wärend 5 Wochen hunn e puer Erwuessener vu Feelen nees d'Schoulbänke gedréckt. Schéi brav soutze mir zu zwee an zwee an de Bänken an hunn eis mat eiser Sprooch beschäftegt fir richteg lëtzebuergesch ze schreiwen.

De Cours gouf vun der Madamm Welschbillig Myriam gehalen an et war esou flott a spannend dass mir op kengem vun de fënnef Owenter eis Paus, déi eigentlech virgesi war, gemaach hunn.

Bei der Schreifweis vun der lëtzebuerger Sprooch huet sech di läschte Jore vill gedoen an awer ass nach net alles geklärt. Mee et ass eng ganz gutt Basis do, an et gëtt mat Hëllefen um Internet villes ugebuede fir richteg lëtzebuergesch ze schreiwen.

An eise Coursen hu mir eis mat deene verschiddene Regele beschäftegt: laang oder kuerz Vokaler, Diphtongen, de Buschtaf e / ee / ë oder é, n-Regel, Endegungen a Verben a nach villes méi.

Dat kléngt elo vielleicht no vill Theorie, mee de Cours bei der Madamm Welschbillig war erfrëschend a flott opgebaut. Oft hu mir eis gewonnert iwwer verschidde Schreifweise vu Wierder:

Eng Piisch – zwou Pijen<br>
Farleerer a Fürerschäin<br>
Geläämt<br>
Coiffer<br>
Bëtong<br>
wann ech gelift….

Et gouf vill gelaacht an di lëtzebuerger Sprooch mi genee gekuckt.

Well mir an eiser Kannerzäit an der Schoul net geléiert hu lëtzebuergesch ze schreiwen, war de Reiz fir et spéider ze léieren, bei de Schüler vun dëser Klass, grouss gewiecht. Zum Schluss krut all Schüler een Diplom.

Nadine Schreiner-Bachstein

# FEULENER SENIOREN KAMEN ZU EHREN

## „Journée du Grand Âge“ fand erneut viel Zuspruch



Für die Senioren aus der Gemeinde Feulen ist die „Journée du Grand Âge" ein Tag der Begegnung, den sie stets in guter Erinnerung behalten. Traditionsgemäß im Monat Oktober hatten der Seniorenverein „Déi Jonk vu gëschter Feelen" und die Gemeindeverwaltung neulich ins Kulturzentrum eingeladen, um dort gemeinsam einige gemütliche Stunden zu verbringen. Rund 110 Feulener Mitbürger waren der Einladung gefolgt und ließen sich das Festmenü auch gut munden. Bürgermeister Fernand Mergen hob Sinn und Zweck dieser Feier hervor und wünschte allen Teilnehmern für die Zukunft, Gesundheit und Zufriedenheit. Die Feier war ebenfalls Anlass, verschiedene Jubilare zum Geburtstag- und Hochzeitstag zu ehren und ihnen als Anerkennung ein Präsent zu überreichen.

**Für 70 Jahre:**

Fernande Bormann-Kayser
Ginette Fellens-Kirch
Jos Reuter

**Für 75 Jahre:**

Catherine Hahn-Bonert
Laure Jedrysiak-Wantz
Joseph Kips
Georgette Link-Corbin
Liliane Moens-Viglieno

**Für 80 Jahre:**

Maria May-Pletschette

**Für 85 Jahre:**

Elise Hahn
Camille Hess
Marguerite Schneider-Schleimer

**Zur goldenen Hochzeit** wurde dem Brautpaar Joseph Kips und Marie-Louise Melsen mit schönen Orchideen gratuliert.

Text/Foto: Charles Reiser

# ABSCHIEDE UND EHRUNGEN BEI JAHRESABSCHLUSSFEIER

## Danke für das langjährige Engagement



Im Kulturzentrum „Hennesbau" fand neulich die Jahresabschlussfeier der Gemeinde Feulen statt. Im Anschluss an seine Neujahrswünsche an alle Mitarbeiter erinnerte Bürgermeister Fernand Mergen an den kürzlich verstorbenen Ehrenbürgermeister Marcel Thill der bis zu seinem Ableben stets für seine Gemeinde gelebt hat. Im Anschluss an eine Gedenkminute zeigte Fernand Mergen sich erfreut, dass 86 neue Bürger zugezogen sind und die Gemeinde Feulen nun auf 2.146 Einwohner gewachsen ist. Die Schule am „Kuebebongert" wird im Moment von 260 Schülern besucht. In der Maison Relais sind 205 Kinder gemeldet und 51 Kleinkinder besuchen die Kinderkrippe, so dass im ganzen Komplex rund 50 Leute beschäftigt sind. Viele Projekte konnten im vergangenen Jahr in der Gemeinde verwirklicht werden und man sei ebenso in Zukunft bestrebt neue Investitionen zum Wohl aller Mitbürger in Angriff zu nehmen. Bei der anschließenden Personalehrung würdigte das Gemeindeoberhaupt den beispielhaften Einsatz von Roger Claus, der seit 1971 innerhalb der Feuerwehr Feulen mehrere Posten bekleidete, von 1978 bis 2012 im Einsatz als Ambulancier in Ettelbrück und zuletzt von Mai 2017 bis September 2018 bis zu seinem Ruhestand als Korpschef in Feulen tätig war. Ein passendes Geschenk war der Dank und die Anerkennung seitens der Gemeinde und ebenso von allen Mitbürgern der Gemeinde Feulen. Josianne Klein-Kellner, wurde am 15. September 2008 als „Educatrice" bei der Feulener Gemeinde eingestellt und hat sich mit viel Ehrgeiz und Geschick im „Précoce", um die Kinder gekümmert und sie auf ihre zukünftige Schulzeit vorbereitet. Seit Juli 2018 genießt Josée Klein-Kellner ihre wohlverdiente Pension. Als Kindergärtnerin wurde Ginette Marquart-Miotto im Jahre 1983 eingestellt. Stets geschätzt als gute Pädagogin ging sie als Lehrerin ganz kategorisch und konsequent aber sehr kollegial ihren Lebensweg im Feulener Schulwesen. Nach 35 Jahren kam die Zeit den aktiven Lebensabschnitt abzuschließen um den Ruhestand in Zukunft zu genießen. Mit einem Präsent verbunden mit aufrichtigem Dank war die Anerkennung für beide Lehrerinnen die während vieler Jahre in Feulen im Schulwesen tätig waren. Als beigeordneter Direktor des Primärschulwesens schloss Patrick Lepage sich den Worten seines Vorredners auch gerne an. Abschließend wurde Fernand Etgen, als neuer Kammerpräsident mit einem Blumenstrauß herzlich gratuliert. Ein gemeinsames Festessen beschloss die Jahresabschlussfeier in Feulen.

Text / Foto: Charles Reiser










GEMENG FEELEN

# MARCEL THILL

## E ganz GROUSSEN huet eis verlooss




*De Marcel Thill ënnerwee mam Mupp, esou wéi déi meeschte Leit hien dagdeeglech am Duerf begéint hunn*



*31.12.1993 - dee leschte Schaffdag vum Buergermeeschter Marcel Thill*



*Dezember 2001 - Diplomiwwerreechung an der Sportshal a Präsenz vum Grand-Duc Henri*

Um mënschliche Plang ëmmer sympathisch, um politische Plang ëmmer korrekt, um gesellschaftliche Plang een interessante Géintiwwer, am Veräinsliewen ëmmer engagéiert, um kommunale Plang fläissig an efficace. Rieds geet vun Thills Mars, eisem Éierebuergermeeschter, deen eis den 10. November 2018 fir ëmmer verlooss huet. Mat him verléieren d'Irène, seng Kanner an d'Enkelkanner e gudde Familljepapp an eis Gemeng eng Perséinlichkeet, well deen, deen den 19. Juli 1936 op d'Welt komm war, hat sech *SENGER* Gemeng an hirem Gesellschaftsliewe mat Läif a Séil verschriwwen. Et géif eng Spezialeditioun vum Louschlëssel fëllen, géife mer all seng Verdingschter hei opzielen. Et gëtt villes iwwert de Marcel Thill ze soen, jo iwwert den Thills Mars kënnt ee souguer ee Buch schreiwen. Eent steet fest: Mat him ass een Ambassadeur vu Feelen vun eis gaang. Op dëser Plaz géife mer eis beschränken, just e puer markant Etappen an Zich aus sengem Liewen ze skizzéieren. Ronn 30 Joer huet de Marcel gehollef, d'Geschécker vun eiser Gemeng ze leeden. Mat 27 Joer ass hien als jonke Borscht fir d'éischt 1963 an de Gemengerot gewielt ginn. 1976 gouf hie Schäffen an 1979 Buergermeeschter. An där Funktioun blouf hie bis 1993. Et war an där Period een drastesche Broch zwëschen Nokrichszäit an der Virbereedung op déi lescht Joerzéngte vum 20. Joerhonnert. D'Mentalitéite vun de gemengepolitischen Acteure waren deemools grondverschidden. Et ass dem Marcel gelongen, aus der negativer Dynamik vun deene 70er Joren erauszekommen a lues awer sécher e Gemengerot ze leeden, deen als eenzegt Zil hat, sech op d'Wuel vun enger lieweger Gemeng ze konzentréieren. De Marcel Thill



*1984 - Aweiung vum Hennesbau*

war duerch seng Jovialitéit, säin Temperament, seng Geselligkeet, e Schaffert mat Initiativgeescht an de Veräiner, fir de perfekte lokale Gemengepolitiker predestinéiert. Duerch säin Engagement als Infirmier dee Soins à domicile gemeet huet, hat hien den dagdeegliche Kontakt mat de Leit, hien huet hinnen hir Wënsch vum Mond ofgelies. Hien huet fir vill Leit Kommissiounen erleedegt a war fir d'Leit de Virspriecher bei de Verwaltungen. Eng futtis Stroosseluucht oder e Schachtdeckel dee rabbelt wann eppes driwwer fiert, dat si Problemer wou de Gemengepolitiker gefuerdert ass, an do huet de Mars nit nogelooss bis d'Saach an der Rei war. Awer och vill zukunftsweisend Projete sinn an där Zäit realiséiert ginn: Bau vun der Spillschoul, Bau vun enger biologischer Kläranlag, Restauratioun vum Hennesbau, soziale Wunnengsbau um Geischbierg, fir nëmmen déi ze nennen. Vill Realisatiounen droe säi Stempel an d'Gemeng huet him enorm vill ze verdanken. Nëmmen dat Bescht fir seng Gemeng hat hien am Sënn an huet aus Feelen eng fortschrëttlich Gemeng gemeet. Dobäi konnt hien och mol buuschtig ginn wann eppes nit sou gaangen ass wéi hien et am Kapp hat. Dann ass och mol deen een oder anere Mataarbichter gehéierlich verbotzt ginn. Den Dag drop war dat awer nees vergiess. Hien hat ëmmer vill fir seng Aarbichter a Beamten iwwreg. Hie war e Chef, mä hien huet sengem Personal och eppes zougetraut. Dat, wat hie berechtegterweis verlaangt huet, war, bei aller Flexibilitéit den Dingscht um Bierger nit ze vernoléissigen.

Mat déiwem Respekt denke mer zeréck un säi virbildlicht Engagement, seng Disponibilitéit a seng Hëllefsbereetschaft; besonnisch awer Merci fir säin harmonischt Wierken am Intresse vun engem harmonischen Zesummenliewen an eiser Gemeng.

E gutt Veräinsliewe luch dem Marcel ëmmer uewen. An den Nidderfeelener Jonge war hie vun Ufank un, d'Secouristë vu Feelen si vun him opgebaut ginn, de Veräin fir déi eeler Leit ass gegrënnt ginn, iwwerall hat hie seng Fanger am Spill wann hie konnt zum Veräinsliewe bäidroen.

Eppes vun Harmonie verstoe war och d'Grondviraussetzung fir säin Engagement an der Feelener Musek. Hien huet gelieft fir d'Feelener Musek. Et ass a bleift dem Mars seng Musek. Besonnesch vun dësem Veräin huet hien de Bolsschlag kannt. Hie war Sekretär vun 1969 bis 1991 a President vun 1991 bis 1998. Hien huet ni opginn, well hie war e Veräinsmënsch a Veräinsengagementer verlaangen Asaz. De Mars hat eng Kompetenz an een aussergewéinlecht Talent fir ze organiséieren. De Mars huet näischt dem Zoufall iwwerlooss an ass der Saach ëmmer op de Fong gaangen. Beispillhaft waren och seng perséinlich Frëndschaften zu deene verschiddenen Dirigenten, de Comitésleit an alle Musikanten. Eng Entwécklung, déi him ganz



*1. Mäerz 2008 bei der Ovatioun vum Deputéierte Fernand Etgen*


*Besuch vum Generol Hiram Dudley Ives*

besonnisch um Häerz louch, war den Nowuess, den Opbau vun der Jugend. D'Feelener Musek huet dem Mars vill ze verdanken. An dësem Veräin huet hie säi Monument zu Liefzäite gesat. Ze ernimmen ass och déi amerikanisch-lëtzebuergisch Fréndschaft mam Blue Lake Fine Arts Camp aus dem Staat Michigan wou regelméissig, dank dem Mars sengem Engagement, Musiksstudenten a Feelener Gaaschtfamilljen aquartéiert goufen. Viru puer Méint war den internationale Jugendsinfonieorchester vu Blue Lake fir d'lescht zu Feelen zu Gaascht. Keen anere wéi de Mars huet ALL amerikanisch Gäscht ënnerbruecht. Déi Feelener hu vun dësem Austauschprogramm profitéiert an eng Rei jonk Musikante kruten eng Bourse fir een Amerikaopenthalt. Absolutten Highlight waren awer zwee Trippe vun der Feelener Musek an d'USA.

De Mars war nit nëmmen dee beschte Veräinsdirigent vun der Feelener Musek, mä och dee beschte Sponsor.

E wichtigt Uleies vum Marcel war och, datt mir déi amerikanisch Zaldoten nit vergiessen an dankbar bleiwen, well si mam Asaz vun hirem Liewe sech fir d'Befreiung vun eiser Heemecht am Zweete Weltkrich agesat hunn. Als Unerkennung huet déi Feelener Gemeng op Initiativ vum Mars ëmmer rëm GI's hei zu Feelen empfaang an eise Befreier, de Generol Hiram Dudley Ives, Éierebierger genannt, an eng Strooss dréit haut säin Numm.

Mat deene villen Erfarungen, déi hien a senger Carrière gesammelt hat, wousst hien ëmmer sech do anzesetze, wou et néideg war an d'Freed um Kontakt mat de Leit a seng Hëllefsbereetschaft fir d'Leit ass him ni ausgaang. Him wor keng Dier verspaart an hien huet fir seng Iddien ëmmer déi Leit mat an d'Boot kritt, déi him hëllefe konnten. Datt hien dobäi och mol engem Minister, Conseiller oder Beamten op d'Nerven huet misse goen, dees war hien sech bewosst. D'Haaptsaach war, et gouf eppes erreecht, a wann och alt emol mam Briecheisen.

Wa mir ee Portrait vun Thills Mars zeechne sollen, kënnt onweigerlich d'Bild vum „knuerige Louknëppel", vun engem ale Bam, virun eis Aen, deen an der Mëtt vu Feelen stoung a steet. Dat ass op den éischte Bléck. Awer duerch Rëss am haarden Holz huet ee goldigt Häerz geliicht. De Mars hat eng ausgesprachen an ausgepräägte Sozialoder an dobäi och ee besonnischen Don. Prompt huet de Mars erfaasst, wou de Schong gedréckt huet wann hie mam Hond duerch d'Duerf spazéiere gaang ass an ee begéint huet, deem eppes nit gaangen ass.

Gären erënnere mer eis wa mer zesummen am Bistro hänke bliwwe sinn an zu spéider Stonn nach eng Omelett mat Speck an d'Pan geheit ginn ass, a wann hien als Sänger den „ALLEIN" d.h. d'Wolgalidd oder „DEN HEXEMEESCHTER" gesongen huet. Mir erënneren eis e.a. u vill gutt Pätt Lëtzebuerger Muselwäin, un d'Kaartespillen an Thilges, un d'Musizéieren um Keyboard, wat hien am Alter nach mat grousser Begeeschterung geléiert huet, an…

Mir vermëssen eise Matbierger, Politiker, fir mech och Léiermeeschter, Veräinsmënsch, Frënd a mir wäerten hien a gudder Erënnerung behalen. An an där Erënnerung lieft hie weider, op der Gemeng, am Musekssall, bei eise Manifestatiounen a bei eise Fester. Äddi Mars, Du bass nit vergiess.

Fernand ETGEN
Chamberpresident

Fotoen: Marie-Jeanne Schank-Reuter / Archiv Gemeng

# RENÉ ANTHON

## E besonnesche Frënd huet eis verlooss



Et war ee grousse Schock, wéi et den 23. August 2018 geheescht huet: „eise René ass dout“. Ween domat gemengt war, war eis all schnell bewosst, mee kee wollt a konnt et gleewen.

De René ass de 17.08.1949 zu Feelen op d’Welt komm. Hie gouf 1971 mam Nelly Schank vu Buerschent bestuet. Stolz konnte sie op hir zwee Meedercher, Cindy a Claudine, sinn. De René war ee Familljemënsch. Hie war ëmmer am Asaz fir seng Fra a seng Kanner. Zesumme mat sengem Brudder, dem Armand, huet hie sou munch Projekter duerchgezunn. Seng 4 Enkelkanner, Emma, Jo, Ben a Finn, waren déi leschte Jore säi Mëttelpunkt. Hien ass vill Kilometer fir si a mat hinnen duerch d’Land gereest. Fir seng Famill ass de Verloscht onbeschreiflech. Si hunn dee beschte Mann, Papp a Bopi verluer.

Mee och am Duerf war de René ëmmer een hëllefsbereeten a joviale Frënd. Duerfir huet hien sech och an der Gemengepolitik fir d’Wuel vum Duerf agesat. Sou war hie vun 1988 bis 1993 Schäffen, an duerno vun 1994 bis 1999 nach Member vum Gemengerot.

Vill Joren huet hien och nach de Poste vum President am Walbüro zu Uewerfeelen iwwerholl.

Och a sengem Beruff, als Fonctionnaire op der Krankekeess, war hien een zouverlässege Kolleg. Vill Leit vu Feelen hu vu sengem Wëssen am Krankekeesse Beräich profitéiert. Hien hat ëmmer e gudde Rot fir Problemer ze léisen.

Bei den Uewerfeelener Pompjeeën, wou säi Papp Kommandant war, huet hien kuerzfristeg als Sekretär gehollef.

Dem René seng zweet Famill awer war de Fussballveräin US Feelen. Säi Papp, de Jim, war ee vun de Grënnungsmemberen. Sou war et fir de René eng Selbstverständlechkeet fir dem Veräin, schonn a jonke Joren, als Spiller bäizetrieden. Vun der Jugend un huet hien am Veräin gespillt. Am Alter vu 16 Joer war hien am Kader vun der éischter Equipe, wou hie bis Ufank vun den 80 Jore gespillt huet. Säin „Highlight“ als Spiller hat de René 1968, wou hie géint Folscht an engem Match 10 Goler geschoss huet. De Match gouf 11-0 gewonnen. Och bei de Veterane war hie spéider nach am Asaz.

Mee dat war dem René net genuch. All déi Jore war hien och nach als Comitésmember täteg. War mol eng Plaz net besat, dann huet de René dat alt nach mat gemaach. Sou huet hien de Poste vum President vun 1988 bis 2001, an dee vum Sekretär vun 1983 bis 1988 a vun 2001 bis zu sengem stënterlechen Doud offiziell bekleet. Inoffiziell war et him awer egal wat fir eng Funktioun hien hat. Wann eppes huet misse gemaach ginn, huet hien net laang diskutéiert, hien huet et einfach selwer gemaach. Keng Stonn war him ze fréi oder ze spéit fir op den Terrain ze goen.

Och am Supporter Club war de René bis zum Schluss als Sekretär a Caissier aktiv. Op seng, an op dem deemolege President Jos Reding seng Initiativ, hunn d’Membere vum Veräin déi éischt Buvette fir de Supporter Club selwer gebaut. Eis Gemeng huet deemools just d’Material bezuelt.

Besonnesch stolz war hien dat lescht Joer, wéi säin Enkel, de Jo, zu Feelen bei de Bambini säin éischte Match gespillt huet.

Fir hie war dee neie Fussballterrain dann och nach ee besonnesch Uleies. Et gouf behaapt, dass hie besser um Bau Bescheed wousst, wéi d’Handwierker déi do geschafft hun. Leider war et him net vergonnt den éischte Match um neien Terrain ze gesinn.

Déi lescht Jore gouf kaum ee Match zu Feelen gespillt, wou de René net dobäi war. Duerfir ass et kee Wonner, wa méi wéi eng Kéier gesot gouf: „De René hätt dat awer gewosst“. D’US Feelen ass déif a senger Schold a wäert hire Kolleg René ni vergiessen.

Senger Famill wënsche mir ganz vill Courage fir iwwer dat Schicksal ewech ze kommen. Mir all wäerten de René Anthon ëmmer als gudde Kolleg a joviale Frënd an Erënnerung behalen.

Merci René fir all déi Joren, déi mir dech als Frënd bei eis haten.

Union Sportive Feelen a Supporter Club











# ËMWELTKOMMISSIOUN KLIMA-BÜNDNIS LËTZEBUERG



















Am Kader vun der Kampagne „E gudd Liewen ass einfach" war vum 17. September bis den 12. Oktober eng Ausstellung op der Spillplaz virun der Grondschoul ze gesinn. Mat groussformatege Fotoen, kuerzen, witzegen a provokanten Texter gouf op Beispiller aus dem Bereich Mobilitéit, Waasser, Verbrauch, Ernärung, Wunnen a Fräizäit higewise wéi mir eist Liewe méi nohalteg kënne féieren.

# GEMEINSCHAFTSGAART? GEMEINSCHAFTLECH GÄERTNEREN?



An der leschter Sitzung vun der Ëmweltkommissioun gouf iwwer d'Iddi vun engem Gemeinschaftsgaart geschwat. Dat wier eng Geleeënheet fir all déi Leit déi sech fir Gaardenaarbecht interesséieren oder wëllen interesséieren, zesummen ze bréngen, fir iwwer Problemer an Léisungen ze schwätzen, ewéi och a virun allem lokal Produkter ze produzéieren. Esou e Projet hätt also ee sozialen, ökologeschen an ekonomeschen Aspekt. Eng aner Iddi wier fir sech géigesäiteg a sengem Gaart ze hëllefen. D'Fro ass ob Awunner vun der Gemeng Feelen dorunner interesséiert sinn sech reegelméisseg ze treffen fir esou e Gaart ze grënnen an ze ënnerhalen? D'Fro ass och ob Leit do sinn déi e Stéck Land wéilten fir dësen Zweck zur Verfügung stellen oder verpachten? Dowéinst mécht d'Ëmweltkommissioun op dëser Plaz en Opruff un Iech! Wann Dir un dësem Projet interesséiert sidd oder méi wëllt doriwwer wëssen, da kënnt Dir mam Christianne Mergen (691 663 284 - chmergen@pt.lu) oder dem Thierry Palgen (621 769 059 - thierry@kult.lu) Kontakt ophuelen.

## Jardin communautaire? Jardiner en communauté?

L'idée de créer un jardin communautaire a été évoquée au cours de la dernière réunion de la commission de l'Environnement. Le jardin serait une occasion de réunir toutes les personnes intéressées ou voulant s'intéresser au jardinage, afin de discuter les problèmes et les solutions ainsi que de produire des produits locaux. Il y aurait donc un aspect social, écologique et économique. Une autre idée serait de s'entre-aider mutuellement dans son propre jardin. La question qui se pose est de savoir si des habitants de la commune sont intéressés à se rencontrer régulièrement pour créer et entretenir un tel jardin? Se pose également la question s'il y a des personnes intéressées à mettre à disposition ou à louer une parcelle de terre pour permettre la réalisation de ce projet? Pour cette raison la commission de l'Environnement fait appel à vous! Si vous êtes intéressé à contribuer au projet, ou si vous voulez davantage d'informations, vous pouvez prendre contact avec Christianne Mergen (691 663 284 - chmergen@pt.lu) ou Thierry Palgen (621 769 059 - thierry@kult.lu).

# TOUR DU DUERF 2018

## Mobilitéits- an Ëmweltkommissioun








Wärend 21 Deeg hu Feelener sech dru ginn, fir sou vill wéi méiglech Kilometeren mam Vëlo ze fueren. Ob am Team oder eleng, et sinn insgesamt 4.371 km gefuer ginn, an et war spannend ze kucken, wien dann am meeschten ënnerwee war. Op Landesniveau si mir op di gutt 13. Plaz komm. En Deel vun de Leit fuere regelméisseg mam Vëlo op d'Aarbecht. Anerer fueren esou kleng Strecken am Duerf grad sou séier mam Vëlo wéi mam Auto. Als Ofschloss vun der Aktioun huet d'Gemeng op eng kleng Feier mat Präisiwwerreechung agelueden, wou di 3 Leit mat de meeschte Kilometer eng Belounung kruten. 1. vum Team "op Hopericht" war den Abbes Schaber, 2. vum Team "Millischpäesch" de Ben Philippe an 3. vum Team "Gemengen Aarbechter" de Fränk Rommes. De jéngste Participant d'Milla Frank krut och eng Belounung.

Allen Akteuren e grousse Merci a mir zielen op Iech dat nächst Joer.






Am Kader vun der europäischer Mobilitéitswoch an dem Tour du Duerf organiséieren d'Gemengen Feelen a Mäerzeg e grousse Vëlosdag.

# Sonndes, den 22. September 2019

Gemeng Feelen

MOBILITÉITS- AN EMWËLTKOMMISSIOUN

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng

Klima-Bündnis

verkéiers verbond

Gemeng Feelen

# VOM FICHTENWALD ZUM FEUCHTGEBIET

## Gemeinde Feulen und Sicona revitalisieren die Mëchelbaach



*Yves Schaack von SICONA erklärt den zahlreichen Besuchern des Projekts die Schutzmaßnahmen.*



*Nach der Restaurierung ist das Tal der Mëchelbaach ein offener Wiesengrund, in dem das Bächlein eine neue Dynamik ausbilden kann.*

Um ein ehemaliges Bachtälchen wiederherzustellen, hat SICONA in der Gemeinde Feulen einen Ab-schnitt der Mëchelbaach wieder zurück in seinen ursprünglichen Zustand versetzt. In den 50er- bis 60er-Jahren waren dort Fichten angepflanzt worden – was dazu beigetragen hat, dass sich die Mëchelbaach immer tiefer in den Boden dieses Nadelwaldes eingegraben hat und das Gebiet austrocknete.

Durch einen Grundstückstausch ist die Gemeinde Feulen 2013 in Besitz einer 28 Ar großen Fläche im Talgrund der Mëchelbaach gelangt. Dieses ursprüngliche Wiesengrundstück war vor Jahrzehnten mit Fichten aufgeforstet worden. Die Aufforstung zerschnitt nicht nur die Wiesengründe des Tales sondern führte auch dazu, dass sich das Bächlein hier immer tiefer in den Boden fraß. Nach dem Kahlschlag des Fichtenforstes tauschte die Gemeinde die Fläche, um den Wiesengrund zu restaurieren.

Auf einer Länge von 70 Metern wurde die Mëchelbaach in einen naturnahen Bach zurückverwandelt. SICONA hob im Auftrag der Gemeinde das Bachbett um 30 Zentimeter an und trug auf einer Breite von etwa fünf Metern entlang des Baches den Boden ab. So entstand ein Feuchtbereich, auf dem sich wieder die typische Vegetation der Öslinger Täler ansiedeln kann, etwa der rosa blühende Schlangenknöterich. Auch der Schwarzstorch, der regelmäßig im Tal der Mëchelbaach anzutreffen ist, wird auf seiner Suche nach Futter nun öfters vorbeikommen. Die Maßnahmen verbessern zudem den Hochwasserschutz, da der Bach bei Starkregen leichter über die Ufer treten kann.

Im Juli besichtigten der Schöffenrat der Gemeinde Feulen, Bürgermeister Fernand Mergen und die Schöffen Daniel Wilmes und Alain Hansen zusammen mit SICONA-Präsident Gérard Anzia, SICONA-Vizepräsident Luc Pauly und dem Vertreter des Umweltministeriums Claude Origer sowie weiteren interessierten Bürgern das abgeschlossene Projekt und konnten sich von dessen Erfolg überzeugen.

# LËTZEBUERGER KLIMADAG 2018




Den 12. November 2018 hat d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg a Kooperatioun mat der Platform Votum Klima a mam CAN-Europe Netzwierk de 5. Lëtzebuerger Klimadag an de Rotanden zu Bouneweg organiséiert.

Um Programm stungen ënner anerem Infostänn vu Gemengen an ONGen, Konferenzen, Diskussiounen, Filmvirféierungen an duerno och d'Plénière vum Klima-Bündnis, mat als Invitéen Leit aus verschiddene Länner déi Plainte beim europäesche Gerichtshaff zu Lëtzebuerg géint d'europäescht Parlament an de Rot vun der europäescher Unioun gemaach hunn. Si kämpfe fir hir Grondrechter op Liewen, Gesondheet, Beruf an Eegentum ze schützen. Si weisen an hirer Plainte drop hinn, wéi sech lo schon hir Liewensbedingungen verschlechtert hunn. Si fuedere keng Entschiedegung mee eng deitlech Verbesserung vun der europäescher Klimaschutzpolitik. Dobäi waren zu deem Zäitpunkt schon 169000 Ënnerschrëfte gesammelt ginn fir d'Solidaritéit mat de Kläger ze weisen.

D'Gemeng Feelen hat en Infostand dee ganzen Dag iwwer, wou den Här Fränk Müller vun der Firma Emca de Projet Feelener Wand virgestallt huet.

# KRAUTWËSCHDAG 2018



Traditioun huet zu Feelen op Léiffrawëschdag d'Pressessioun bei d'Lourdesgrott hannert der Pompjeesschoul. Bei summerlechem Wieder hate sech vill Leit bei der Kiirch zu Nidderfeelen afonnt fir mat hire Liichtercher bis bei d'Grott ze pilgeren. Hei war alles nees ganz schéi gerëscht. No der klenger Feier bei der Grott huet de Kolping Feelen d'Pilger mat Eisekuchen an engem Patt verwinnt. Ee Krautwësch, mat vill Léift a Méi vun Membere vum Kolping gemaach, louch färdeg gebonnen parat fir mat heem ze huelen.

Nadine Schreiner-Bachstein















# LËTZEBUERG AN DEN ÉISCHTE WELTKRICH

## Ausstellung zu Klierf

**11.06.2018**

















Op Invitatioun vun der Kulturkommission gouf den 11. Juni 2018 eng Visite guidée op Klierf ugebueden. Ganz praktesch ass et mam Bus vu Feelen op Klierf gaangen. An der Salle polyvalent huet eise Guide d'Madamm Thilmany Marianne eis empfaangen. Si huet eis mat vill Wëssen, fléissend a spannend mat hirer Visite guidée duerch d'Ausstellung „Lëtzebuerg an den éischte Weltkrich" gefouert.

Anhand vun Ausstellungstécker wéi Panzere, Gefierer, Mannequins, nogebauten Zeenen, Panneauen, Filmausschnëtter a Fotoen krute mir ee klengen Abléck wéi schrecklech den éischte Weltkrich gewiecht muss sinn. D'Ausstellung zu Klierf war ganz professionell gemaach an zesumme mat der ganz engagéierter Féierung duerch d'Madamm Thilmany war dësen Ausfluch 100 % gelongen, och wann d'Thematik zum 1. Weltkrich net einfach ze verdauen ass. Jidferee war beandrockt, mat groussem Respekt virun allen Affer vum Krich (14.5 Millioune Mënschen!!), an ass sécher méi nodenklech nees heemgaangen.

Esou Ausstellungen an där Qualitéit, wéi se zu Klierf gewise gouf, sinn absolut noutwendeg, fir dass dee ganze Misär vum Krich net vergiess gëtt an sech hoffentlech ni méi widderhëlt.

Nadine Schreiner-Bachstein

# HIRAM DUDLEY IVES (1905-1983)

## Leutnant-Colonel spéider Major General 2. Éierebierger vu Feelen






No senger aktiver Carrière an der Arméi, huet de Generol sech zu Ladiesburg am Bundesstaat Maryland néiergelooss, wou hie mat ganz vill Enthusiasmus eng kleng Farm bedriwwen huet. Seng éischt Visite zu Lëtzebuerg war am Joer 1975, wou hien déi Plaze besicht huet, wou e mat sengen Zaldote gekämpft huet. De 15. Määerz 1976 koum en dunn eng éischte Kéier op Feelen an dat a Begleedung vun der Madame Kimmes vum CEBA. Aus der Visite sollt eng ganz grouss Frëndschaft tëschent dem Generol an eiser Uertschaft entstoen.

### VERSCHIDDEN ANEKDOTE WÄHREND SENGE VISITTEN ZU FEELEN:

1. Den Här Ives huet sech ëmmer fir déi aktuell Projeten vun der Gemeng interesséiert. Besonnesch den Hennesbau huet him et ugedoen. Wéi hien enges Daags dat aalt, verfalent Gebai gesinn huet, sot hie spontan: „Wonderful, you have to do something with it!". Dat war d'Ureegung fir dass den Här Buergermeeschter Marcel Thill mat verschiddene Ministeren diskutéiert huet fir raus ze fannen, wat een aus dem Gebai maache kéint. D'Resultat vun där Initiativ kënnt dir nach haut gesinn. De Generol war stolz, dass hien den Initiator fir d'Restauratioun vum Gebai sollt gewiescht sinn, wéi hie spéider emol den Hennesbau konnt besichen. Den Hennesbau huet fir d'éischt ee Musée enthalen an war och dat éischt Lokal vun der Amiperas Sektioun. No weideren Investissementer gëtt de Bau haut vill vu Veräiner awer och Privatleit benotzt.
2. Als kannerfrëndleche Mënsch ass hien och puer mol an d'Spillschoul gaangen, wou en sech alles explizéiere gelooss huet. Emol ass en do engem kranke Meedche begéint, wat him direkt leed gedoen huet. A spéidere Bréiwer huet hien sech ëmmer erëm nom Meedche senger Gesondheet informéiert.
3. Eng aner Kéier huet den Dudley Ives eis national Pompjeesschoul besicht. Och hei huet hien alles missten am Detail gewisen an explizéiert kréien. Seng Dankbarkeet huet hien dann no sengem Retour an Amerika ëmmer a senge Bréiwer un den Här Thill an un de Gemengerot zum Ausdrock bruecht. Och huet de Generol seng Gléckwënsch un déi respektiv Leit, déi hie kennegeléiert huet, viru ginn.
4. Op engem Spadséiergang vu Feelen op Ettelbréck huet en eemol een Hond fonnt, deen iwwerrannt gouf an dout op der Strooss louch. Hien huet direkt gemengt „dat aremt d'Déier" an huet den Hond vun der Strooss an de Revers gezunn.
5. Eng déif Frëndschaft ass och mam Haus Schammel-Schweitzer entstanen. Hei war de Generol ëmmer aquartéiert, wann hien op Feelen koum. De Roby Schammel, dee perfekt englesch geschwat huet, huet dann och als Dolmetscher fungéiert. Och d'Famill Schammel krut no praktesch all Visite ee Bréif vum Generol fir Merci ze soen.
6. Eng Visite um deemools neie Lotissement „Um Geischbierg" huet de Generol verleet fir ze behaapten, dass dat eng aussergewéinlech Plaz wier, fir nei Haiser ze bauen.
7. No sengem aktive Liewen als Militär huet den Dudley Ives sech op seng Farm zeréckgezunn. Hei huet de Generol dann dauernd Studente beschäftegt, an huet hinne meeschtens méi bezuelt wéi ausgemaach war. Hien huet awer och op eng héich Qualitéit vun der Aarbecht gehalen. Dernieft huet hien de jonke Leit dann och nach ëmmer gutt Rotschléi ginn, déi si an hirem Liewe begleet hunn.







*Wenn an einem völlig banalen Samstag in einem kleinen Öslinger Höhendorf Fahnen im rauhen Frühlingswind flattern; wenn punkt 14 Uhr Feuerwehrkorps in vollem Ornat und Musikgesellschaft mit klingendem Spiel vor dem schmucken Gemeindehaus aufziehen; wenn Bürgermeister und Schöffen in rot-weiß-blauen Schärpen antreten und sich die ganze Schar der Gemeindeväter um sie vereinigt; wenn ein Distriktkommissar und gar ein Minister erscheint; wenn nette, festtäglich gekleidete kleine Mädchen mit feuerroten Blumensträußen zur Begrüßung in Reih und Glied stehen; wenn die Einwohnerschaft sich zu hauf einfindet; wenn all dies zusammentrifft, dann ist es gewiß, daß an diesem Tag ein Ereignis von großer lokalhistorischer Bedeutung seinen Ablauf nimmt.*



# Der Befreier von Feulen



*Blumen für die Gattin des Befreiers, die mit Sohn und Schwiegertochter General Ives nach Feulen begleitete.*

Am vergangenen Samstag waren diese Voraussetzungen in Feulen gegeben, und das betreffende Ereignis war umso sympathischer als es der Ausdruck einer wohlverdienten Dankbarkeit war: Maj. General Hiram Dudley Ives, einer der Befreier Feulens vom Nazijoch, war aus Amerika zu Besuch gekommen und erhielt die Urkunde als Ehrenbürger der Gemeinde.

